Lëtzebuerger
# duerf
fir e chrëschtlecht a sozialt Engagement

# Fir d'Mënschen do sinn!

## *Interview mat dem Neipriister Romain Richer*

*Den Här Romain Richer aus der Por Käerjeng ass de leschte 17. September vum Här Äerzbëschof Fernand Franck an der Kathedral zum Priister geweit ginn. Duerf/Actioun huet mat deem neie Kaploun am Porverband Miersch e Gespréich iwwert d'JMJ vu Madrid a säin Engagement als Priister gefouert.*

***Duerf/Actioun:** Här Richer, Dir hutt als Diakon zesummen mat 75 Jonker aus Lëtzebuerg un de JMJ (Journées Mondiales de la Jeunesse) am August zu Madrid deelgeholl. Wat huet Iech dobäi perséinlech am meeschte beandrockt?*

Mech hunn zwou Saachen beandrockt. Dat eent waren déi vill verschidden Natiounen, déi bei dësem Glaawensfest vun de jonke Chrëschten zesumme waren. Hei hu Mënschen aus Länner, déi vläicht politesch Schwieregkeete mateneen hunn, gemeinsam a mat vill Freed zesumme gebiet, diskutéiert an de Glawe gefeiert. Dat anert war déi onbeschreiflech Rou a Stëllt bei der grousser Veillée um Virowend vun der Clôture vun de JMJ. Virum ausgestallte Sakrament sinn déi jonk Leit ganz stëll a ware ganz a sech gekéiert.

***Duerf/Actioun:** Wéi hunn déi jonk Leit vu Lëtzebuerg dëst grousst Kierchentreffen erlieft?*

Si ware begeeschtert. Si hunn immens gutt matdiskutéiert, matgesongen a gebiet. Si waren ganz offen fir déi aner Natiounen a si hunn nei Bekanntschaften mat aner Jugendlech gemaach. Et huet e gemierkt, dass si mat Engagement bei de Katechesen derbäi waren. Trotz de kierperleche Strapazen ware si gutt gelaunt a si hunn e flott Gemeinschaftserliefnes gehat. Dat ass wichteg, well si als jonk Chrëschten hei zu Lëtzebuerg dës Erfahrung vermëssen. Si si begeeschtert dohinner gefuer a si si begeeschtert erëm komm.

***Duerf/Actioun:** Hutt Dir eppes vun de Géigemanifestatiounen zu Madrid matkritt?*

Selwer hunn ech näischt dervu matkritt. Mir hunn och vun den Organisateuren Zréckhalung nogeluecht kritt. Et muss ee soen, dass déi, déi zu Madrid protestéiert hunn, eigentlech nëmmen e klenge Grupp waren, och wann an de Medien dat vläicht anescht eriwwer koum. Wat schlëmm ass, ass déi



*Ennert de Geeschtlechen, déi bei de JMJ mat de Jonke Gottesdénscht gefeiert hunn, waren e. a. vu Lëtzebuerg de Kaploun Jeff Gilniat (2.v.r.) an den Diakon Romain Richer (1.v.r.)*

Brutalitéit, déi vun do eriwwer komm ass. Mee et ass awer vill driwwer geschwat ginn.

***Duerf/Actioun:** Kann een Ärer Meenung no eppes vun de JMJ fir d'Jugendpastoral zu Lëtzebuerg léieren?*

Ech denke schonn. Mir musse Madrid opschaffen. Ech hunn erlieft, dass vill Jonker vill Froen hunn an op der Sich vun Äntwerten sinn. Dofir brauch ee keng spektakulär Saachen ze organiséieren. Et kann een op eng einfach Aart a Weis mat hinnen an d'Gespréich kommen. Et wier gutt, wa mir zu Lëtzebuerg Gespréichsowenter an Themenowenter kéinten ubidden, fir op hir Froen anzegoen. Natierlech ass och d'Liturgie wichteg. Mir sollten och deene Jonken, déi mat op Madrid waren, d'Geleeënheet ginn, fir hir Erliefnesser mat anere Jonken an de Porverbänn ze deelen. Ech selwer hunn dat och am Parverband, wou ech Diakon war, gemaach. D'JMJ ass wéi een „Dünger" fir de Glawen vun de Jonken, awer doheem muss hie kënne wuessen.

***Duerf/Actioun:** Wéi ass d'Thema vun de JMJ „Verwurzelt in Christus, auf Ihn gegründet, fest im Glauben" vun de Jonken opgeholl ginn?*

Gutt Fro! D'Katechesen ware jo op d'Thema zentréiert a mir hunn och vill doriwwer geschwat. Déi Jonk stelle sech d'Fro: Wéi kann ech mäi Glawe liewen? – grad och um Hannergrond vun der Pluralitéit vun de Reliounen a Konfessiounen. Mir haten och e puer Protestanten vu Lëtzebuerg, déi mat äis waren. Mir si jo all a Christus verwuerzelt, mä et gi jo awer och Ënnerscheeder. Och doriwwer ass diskutéiert ginn. Et war eng grouss Oppenheet vun deenen zwou Säiten do. Mir hunn äis wierklech mam Thema beschäftegt.

*De Schluss vun dësem Interview fannt Dir op der Säit 12!*

*Grupp Zuucht vun de LJB & JW*

# Concours du Meilleur Juge 2011

Bekanntlech huet de ***Grupp Zuucht*** vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer e Samschdeg, den 3. September 2011 op den ***29. Concours du Meilleur Juge*** invitéiert. Bei der dësjäreger Editioun vum CMJ, déi um landwirtschaftleche Betrib ***Marc VAESSEN-BASTIN*** zu Weller organiséiert gouf, huet de Paul Mathay d'Bewäertung vun de Béischte virgeholl.




*D'Bewäertung vun de Béischte gouf duerch de Paul Mathay assuréiert. Foto: Lucien Pletschette*

## Gewënner

1. Plaz: Nico Antony, Beefort
2. Plaz: Jeff Rohen, Ënsber
3. Plaz: Henri Lommel, Kruuchten
4. Plaz: Pit Bosseler, Lampech
5. Plaz: Pascal Vaessen, Veinen
6. Plaz: Josy Bourgmeyer, Wuelessen

### *Schätzung vun der Mëllech*

Josy Bourgmeyer, Wuelessen

### *Zuuchtkallef*

Tom Loutsch, Lampech

***Unsere Sponsoren***

*Abattoir, Ettelbruck*

*Agroprim, Stolzemburg*

*ANW S.à.rl, Wincrange*

*Cloos & Kraus, Roost*

*Convis, Ettelbruck*

*Ets Guy Schuh, Colpach-Bas*

*Felten Frères et Fils, Weicherdange*

*Hess Carlo, Oberglabach*

*Les Domaines de Vinsmoselle, Stadtbredimus*

*LSG – Luxemburger Saatbaugenossenschaft, Mersch*

*MSD Construction, Troisvierges*

*Procola, Mertzig*

*RUW, Rinder-Union West e.G., D-Fließem*

*WWS Germany, D-Altenberge*



*Déi glécklech Gewënner vum 29. CMJ mat der Famill Vaessen-Bastin vu Weller (l.), dem Präisriichter Paul Mathay (3.v.r.) an dem Christophe Majerus, President vum Grupp Zuucht (1.v.r.).*
*Foto: Lucien Pletschette*

Der Famill Vaessen-Bastin soe mir e spezielle Merci, fir hir spontan Bereetschaft, fir dem Grupp Zuucht den Haff fir d'Manifestatioun zur Verfügung ze stellen.

Och dem Paul Mathay, deen d'Fonktioun vum Präisriichter assuréiert huet, an dem Christophe Majerus, President vum Grupp Zuucht, gëllen eis weider grouss Mercien, fir hire beispillhaften Asaz.

Vill weider Fotoen vum dësjährege CMJ, déi äis frëndlecherweis vum Här Lucien Pletschette zur Verfügung gestallt goufen, fënnt deen Intresséierten ënner www.jongbaueren.lu.

**De Grupp Zuucht vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer sprécht all Sponsoren e grousse Merci aus, fir déi wäertvoll Ënnerstëtzung vum dësjärege CMJ!**

# Am Ballon iwwer Lëtzebuerg

*Als Unerkennung vum Remy Harpes séngem laangjäregen Engagement un der Spëtzt vum Jugendmouvement, huet d'Lëtzebuerger Landjugend hirem fréiere President en Tour iwwer Lëtzebuerg am Ballon offréiert. De Bong konnt den 11. Juli 2011 ageléisst ginn.*

Bekanntlech huet de Remy d'Presidentschaft vun der Jugendorganisatioun vun 2006 bis 2010 assuréiert, déi hien um Landjugenddag 2010 un d'Carmen Schiltz ofgetrueden huet. Bei dëser Geleeënheet huet d'Carmen dem Remy am Numm vun der Lëtzebuerger Landjugend e Bong fir en Tour mam Ballon iwwerreescht, fir him Merci ze soen, fir seng laangjähreg Tätegkeet am Intressi vun eiser Verbandsaarbecht. An der Usprooch huet d'Carmen folgend Wierder un säi Virgänger geriicht:

*(...) Éiert ech ofschléissen, well ech dem Remy Merci soe, fir säi laangjäregt Engagement un der Spëtzt vun der Lëtzebuerger Landjugend. Wéi de Remy am Joer 2006, d'Presidentschaft vun der Lëtzebuerger Landjugend iwwerholl huet, huet hien sech d'Zil gesat, fir eis regional Gruppen ëmmer erëm un een Dësch ze bréngen. Bei eenzelne vun eise Gruppe sëtzt sech d'Memberschaft bekanntlech zum grousssen Deel aus Baueren zesummen, bei deenen anere besteet si aus Jugendlechen, déi nach kaum mat der Landwirtschaft verwuerzelt sinn. Do heescht et ëmmer, dee richtege Mëttelwee ze fannen, fir un engem Strang ze zéien.*

*Dëst Ziel hues du sécherlech erreecht an du hues och ëmmer nees kreativ Idee mat an eis Versammlunge bruecht. Esou huet de Remy zum Beispill d'Iddi vum Landjugendkalenner opgeworf an huet sech esou laang derhannert geknéit bis datt dat lescht Joer (2009) deen éischte Kalenner vun der Lëtzebuerger Landjugend publizéiert konnt ginn.*

*Mir soen dir e ganz grousse Merci fir däin Engagement a wënschen dir fir deng Zukunft all Guddes.*

Den 11. Juli 2011 konnt de Bong dunn ageléisst ginn. De Remy huet äis e puer Fotoen vun de Preparatioun a vum Vol zoukomme gelooss a schreift begeeschtert:

*Den 11. Juli 2011 war et esou wäit. Mir kruten moies vu 'Ballooning 50° nord' ugeruff, fir ze froen ob mir owes kéinte matfléien. Mir hunn direkt zougesot. De Rendez-vous zu Furen gouf fir 19:00 Auer festgeluegt. Déi ganz Aktioun sollt bis ongeféier 23:00 Auer daueren. Et war op zwou Manéieren e bëssen opreegend: Weder d'Sonja nach ech selwer si bis elo mat engem Ballon geflunn. Och war et eisen éischte gemeinsamen Owend ouni eist kléngt Emma. Seng Boma sollt hat an d'Bett leeën an dat huet och formidabel geklappt.*



*D'Sonja an de Remy hunn e puer onvergiesslech Momenter erlieft*

*Op der Plaz hu mir du geholleff fir opzeriichten an de Ballon opzeblosen, éier d'Aventure gestart konnt ginn. Den éischte Moment ass schonn e bësse komesch wann et an d'Luucht geet an ee sech bewoosst ass, datt ee just an engem klenge Kierfchen steet. Dat huet sech awer ganz séier geluecht a mir hunn déi formidabel Aussicht an de Panorama genoss. Mir sinn iwwert den Niklosbierg bis hanner Housen geflun a ware ronn annerhallef Stonn an der Luucht – emol ganz héich an emol zimmlech nidderech.*

*Well et eng ‚Première' war, si mir nom Araumen gedeeft ginn: Fir d'éischt goufen d'Hoer ugeséngt, fir se da mam Crémant ze 'läschen'.*

***Der Lëtzebuerger Landjugend well ech bei dëser Geleeënheet e grousse Merci ausschwätzen fir dëse formidable Cadeau. Dat war eng super Iddi!***

Jonggesellestee



Samstes, 22 Oktober 2011
zu Näertrich / Wooltz

mat Happy Hour & Prominentenstee

Org: Landjugend JB & JW Uewersauer a.s.b.l.
www.lj-uewersauer.com

*Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer*

# Nei Homepage vun eisen Associatiounen




Fir eis Memberen, Frënn a Sympathisanten nach besser a méi präzis iwwer d'Verbandsliewen an d'Aktivitéiten vun der ***Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer*** ze informéieren, hu mir eng nei Internet-Präsenz an Zesummenaarbecht mat ***GR.ink*** (Web Design) an dem ***Web Application Developer Michel Weimerskirch*** ausgeschafft. Déi nei Homepage, déi weiderhin iwwer jongbaueren.lu, resp. landjugend.lu ze erreechen ass, ersetzt dee fréiere Site zënter dem 30. Juli 2011.

Den ***Opbau*** orientéiert sech um ***Organigramm*** vun der Daachorganisatioun *Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer (LLJ – JB & JW)*, déi fir d'Gérance vun der *Lëtzebuerger Landjugend (LLJ)*, de *Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer (LJB & JW)* an der ONG *Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération* zoustänneg ass. Dës Associatiounen gi vun de siwe regionale Gruppen *Cliärref, Dikkrich, Furen, Maacher, Süden, Uewersauer* an *Zenter* gedroen, déi deemno och all um Site ze fanne sinn.

Den ***Design*** soll d'***Verbonnenheet*** mam ländleche Raum vun alle Memberorganisatiounen ënnersträichen.

## Op déi aktuell Informatiounen ausgeriicht

De Site ass op „d'News" ausgeriicht, sou datt een all aktuell Informatiounen zu de Manifestatiounen an den Aktivitéiten vun deenen ***eelef*** A.s.b.l.en direkt an onkompliziéiert fanne kann: Agenda, Invitatiounen, Fotoen, …

Ganz vill Hannergrond-Informationen iwwer d'Struktur, d'Liewen an deene wichtegen Evenementer vun den eenzelnen Associatiounen fënnt deen Intresséierten an de Rubriken op der lénker Säit vum Site: Virstellung, Komitee a Statuten vun den A.s.b.l.en, Informatiounen zu de Presidenten, zu den Haapt-Aktivitéiten, zu de Projeten, …

Mir hoffen, datt mir esou deene verschiddene Virschléi a Bemierkungen vun eise Memberen a Punkto Iwwersiichtlechkeet a Benotzerfrëndlechkeet vun der Website Rechnung gedroen hunn a freeën äis iwwer all eventuell Réckmeldung: landju@pt.lu.

## Merci fir déi konstruktiv Mataarbecht

Dem Anne Gils a Remy Harpes soe mir e grousse Merci fir hir wäertvoll Impulser an déi spontan a flott Mataarbecht am Aarbechtsgrupp. E weidere grousse Merci geet un d'Madame Lynn Weydert vun GR.ink (www.gr-ink.eu) an den Här Michel Weimerskirch (http://michel.weimerskirch.net) fir déi konstruktiv a professionell Ëmsetzung vum Site.

***Franz Glodt***

# Entwicklungspolitik muss Landwirtschaft fördern

## *Hungersnot in Afrika durch Bürgerkrieg verstärkt, nicht durch EU-Agrarpolitik*

Spätestens seit der Hungersnot in Somalia steht das Thema Welternährung wieder im Mittelpunkt. „Die Folgen der Dürre in Afrika werden vor allem durch politische Versäumnisse zusätzlich enorm verstärkt". Dies erklärte der Experte des Deutschen Bauernverbandes (DBV) für internationale Angelegenheiten und Welternährung, Willi Kampmann, nach einer Afrika-Reise. Kampmann hatte in Uganda an einer einwöchigen Entwicklungs- und Ernährungsveranstaltung der katholischen Kommission „Justitia et Pax" teilgenommen.



## *Jongbaueren- a Jongwënzerdag 2011*

D'Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer invitéiere ganz häerzlech op déi dësjäreg Editioun vum ***Jongbaueren- a Jongwënzerdag***,

***e Sonndeg, den 13. November 2011***
um 20:00 Auer
am Festsall vum Lycée Technique Agricole zu Ettelbréck.

Den detailléierte Programm gëtt am nächste ‚Lëtzebuerger Duerf' an ënner www.jongbaueren.lu publizéiert.

„Die Verhältnisse vor Ort belegen erneut, dass für die Bevölkerung klimatische Widrigkeiten wie die derzeitige Trockenheit weniger dramatische Auswirkungen haben, wenn im Land politisch stabile und weitgehend korruptionsfreie Verhältnisse herrschen", stellte Kampmann fest. Vergleiche man die Lage der Menschen in den von der Trockenheit heimgesuchten afrikanischen Ländern, so müsse man zu dem Urteil kommen, dass Dürre nicht mit Dürre gleichzusetzen sei. In den am schlimmsten von der Hungerkatastrophe heimgesuchten Ländern wie Somalia herrschen Bürgerkrieg, enorme Korruption und es werden seit Jahren Investitionen in eine leistungsfähige Landwirtschaft und eine moderne Infrastruktur unterlassen. Anders als oft behauptet sei die Agrarpolitik der Europäischen Union für die Probleme in der afrikanischen Landwirtschaft nicht verantwortlich zu machen, erklärte Kampmann. Auch die immer wieder öffentlichkeitswirksam geübte Kritik an den Milchexporten der EU treffe nicht zu. Die Menge sei so gering, dass sie für die Probleme Afrikas nicht verantwortlich sei. Sie reiche nicht in Ansätzen zur Versorgung der Bevölkerung und schon gar nicht für Marktstörungen. Jetzt komme es darauf an, den hungernden Menschen in den von der Dürre betroffenen Ländern umgehend schnelle Hilfe zu geben, was nur mit einer außergewöhnlichen Hilfs- und Spendenbereitschaft in den westlichen Länden zu erreichen sei, so Kampmann.

Uganda selbst sei nicht von der lang anhaltenden Dürre betroffen wie die Länder am Horn von Afrika. „Wenn man in Uganda in der Region Luweero über die Felder streift, geht jedem Landwirt das Herz auf", berichtete Kampmann. Die Vegetation sei üppig, die Böden durchweg fruchtbar, das Klima gemäßigt. Zwei Regenzeiten würden in der Regel ausreichend Niederschläge bringen, um sichere und ertragreiche Erträge zu gewährleisten. Zwei Ernten jährlich seien möglich, so dass Uganda eine der Kornkammern Afrikas sein könnte. Trotzdem müsse Uganda nach wie vor Nahrungsmittel importieren. Während die Bevölkerung um fast 3,6 Prozent jährlich wachse, stiege die landwirtschaftliche Produktivität nur um 2,3 Prozent. Trotz des Potenzials in der Landwirtschaft drohe eine zunehmende Versorgungslücke. Wenn dieses Potenzial der Landwirtschaft auch in Uganda nicht ausgeschöpft werden könnte, liege dieses an der unzureichenden Förderung der Landwirtschaft und der ländlichen Räume durch die nationale Politik, wie auch durch die Ausrichtung der bisherigen Entwicklungspolitik, die die Landwirtschaft stark vernachlässigt habe. So seien die Entwicklungen auf den Höfen und bei der Vermarktung der landwirtschaftlichen Produkte stehen geblieben oder hätten sich nur in zu kleinen Schritten verbessert. Auch das praktizierte Erbrecht der Realteilung behindere die Entwicklung der Landwirtschaft, stellte Kampmann fest.

Kampmann beschreibt die landwirtschaftliche Arbeit bei seinem einwöchigen Aufenthalt auf einem 16 Hektar großen Betrieb in Uganda, auf dem überwiegend Mais, Kaffee, Bananen, Kassawa, Erdnüsse und Süßkartoffeln angebaut wurden, geradezu als „einen Schock für einen Landwirt aus Europa". Kochen auf offenem Feuer auf drei Steinen, kein fließendes Wasser, keine Elektrizität und keine Vorratswirtschaft seien normaler Alltag. Das Fehlen von einfachen Maschinen zur Arbeitserleichterung und -unterstützung sowie keine strukturierte Vermarktung seien weitere zentrale Probleme. Die Bauernfamilie, auf dessen Hof Kampmann arbeitete, berichtete von der „Dominanz sogenannter Mittelsmänner", die auf den Höfen Produkte aufkauften und nach Gutdünken Preise auszahlten. Die einzelnen Bauern seien deren Geschäftsgebaren hilflos ausgeliefert. Markttransparenz gebe es nicht, obwohl die Menschen auch in Uganda über Mobiltelefone verfügten, um ein Mindestmaß an Informationen zu erhalten. Doch gäbe es hoffnungsvolle Ansätze. So würden Landwirte - unterstützt von der Caritas der Diözese Luweero – beginnen, sich in örtlichen Gruppen zusammenzuschließen, um die Probleme gemeinsam anzupacken, ein Spar- und Mikrokreditwesen aufzubauen sowie eine gegenseitige fachliche Beratung und gemeinsame Vermarktung. Der Aufbau von Bauernverbänden und Genossenschaften, der Zugang zu Krediten, die Verbesserung der Vermarktung sowie die Schaffung von Markttransparenz seien vielversprechende Entwicklungen, mit denen nicht nur die landwirtschaftliche Produktion verbessert würde, sondern auch soziale Probleme auf den Höfen gelöst würden.

***DBV***

*Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.*

## *Ënnerstëtzung vun der Kooperatiounsaarbecht an Afrika*

Bei Geleeënheet vun hirer Hochzäit hunn d'**Anouck Splicks** an de **Laurent Remiche** eis ONG mat engem Don ënnerstëtzt. Mir schléissen äis de Gratulanten un a wënschen der jonker Koppel all Guddes op hirem gemeinsame Wee.

Och d'Madame **Francine Modert-Hellers** vu Meeschtem huet d'Kooperatiounsaarbecht vun der ONG bei der Feier vun hirem 80. Gebuertsdag mat engem generéisen Don gedroen. De Verwaltungsrot wënscht der Madame Modert nach weider vill schéin a gesond Joren an hirem Familljekrees.

De Familljen vun de verstuerwenen Hären **Paul Origer** vu Biekerech a **Jos Bourg** vu Stackem dréckt de Verwaltungsrot säi chrëschtlech Bäileed aus. Duerch hir generéis Donen hunn d'Familljen an hirer Trauer en Zeeche vun Hoffnung fir aarm Bauerefamillljen an Afrika gesat.

**De Verwaltungsrot vun eiser ONG seet allen Donateuren ee ganz grousse Merci fir déi wäertvoll Ënnerstëtzung zugonschte vun der mannerbemëttelter Landbevölkerung an Afrika.**

*Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.*

# E wonnerbare Geste vun ALCOVIT am Intressi vum Bauerestand an Afrika

Am Kader vun enger sympathescher Feier am Restaurant ‚A Guddesch' zu Biereng hunn d'Organisatoren vum groussen ALCOVIT's Bal, d'Häre Rudy Peters, Armin Fuchs, Edmond Zimmer a Jos Conzemius de Presidente René Ernst vum ‚Service Jeunesse vun der Bauerenzentral' a Christian Hahn vun de ‚Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer' de 4. August 2011 e Scheck am Wäert von **3.000 €** iwwerreecht.

Dës Zomm ass iwwer de Virverkaf vun den Entréesbilljeten (Tombolalousen abegraff) fir den ALCOVIT's Bal erakomm, dee vu jeeweils 10 Memberen aus den uewe genannten Organisatiounen assuréiert gouf. De Bal ass bekanntlech den 21. Mee 2011 am Kader vum 50. Anniversaire vun der landwirtschaftlecher Fachzäitschrëft ALCOVIT mat groussem Erfolleg an der neier Däichhal zu Ettelbréck ofgehale ginn.

D'Verantwortlech vun ALCOVIT begréissen et, datt béid Jugendorganisatiounen heimat eng éischt gemeinsam Aktion fir e gudden Zweck ënnerholl hunn. Si soen all deenen, déi sech aktiv bedeelegt hunn, e ganz grousse Merci fir hiren Asaz.

De genannte Betrag fléisst integral an d'Kooperatiounsaarbecht vun der ONG ‚Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.' an Afrika. Detailer zu den Tätegkeeten am Intressi vun der ländlecher Bevölkerung in Afrika fënnt deen Intresséierten an de Bäiträg vun der Rubrik Kooperatiounsprojeten ënner www.jongbaueren.lu.

Am Numm vum Verwaltungsrot vun der ONG soe mir de Verantwortleche vun ALCOVIT, vum ‚Service Jeunesse vun der Bauerenzentral' a vun de ‚Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer' e ganz grousse Merci fir dee wonnerbare Geste vu Solidaritéit mam mannerbemëttelte Bauerestand an Afrika.

Der Fachzäitschrëft ALCOVIT wënsche mir weiderhi vill Succès bei der Vermëttlung vun der aktueller europäescher an nationaler Agrarpolitik an den Informatiounen iwwer d'Entwécklungen an deene verschidde Beräicher am Ackerbau an an der Véizuucht.




*ALCOVIT huet 3.000 € fir d'Kooperatiounsaarbecht am Intressi vum Bauerestand an Afrika un d'Presidente vum Service Jeunesse a vun de LJB & JW iwwerreecht.*

**D'ONG Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer Service Coopération a.s.b.l.**
**an d'Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer – Maacher a.s.b.l.**

invitéiere ganz häerzlech op

## EN DAG VUN DER KOOPERATIOUN

*zugonschte vun den Entwécklungsprojeten vun de LJB & JW*



E Sonndeg,
den 23. Oktober 2011
zu Rouspert a Steenem

Programm:

10:30 Auer **Mass an der Porkierch vu Rouspert**

uschléissend: am ***Centre polyvalent ‚Fräihof' zu Steenem***

**Apéro mat der *Fanfare Concordia Rosport***
**Gesellegt Zesummesinn**
**Ausstellungsstänn**
**Weltbuttek**
**Mol- a Bastelatelier fir Kanner**

12:30 Auer **Mëttegiessen**

| | | |
|---|---|---|
| *Menü :* | *Rollbrot, Gromperen a Geméis* | *15,00 €* |
| *Kannermenü:* | *Lasagne* | *6,00 €* |

*D'Umeldung fir d'Mëttegiessen ass bis de 14. Oktober erwënscht um Tel.: 691 679 936 (Tanja KRISCHLER) oder 691 791 572 (Tessy SCHILTZ)*

14:00 Auer **Virstellung vun den Aktivitéiten vun der ONG-D**
***Tombola, Kaffi a Kuch***

# Fir d'Mënschen do sinn!

*De Schluss vum Interview mat dem Neipriister Romain Richer*



Gutt Laun bei der Jugendpastoral virum Départ vun der Lëtzebuerger Delegatioun op Madrid



Den neie Kaploun Romain Richer

***Duerf/Actioun:*** *An enger Mass mat 4.500 Seminaristen aus der ganzer Welt zu Madrid huet de Poopst Benedikt XVI. gesot: „Lasst euch nicht von einem Umfeld einschüchtern, das Gott ausschließen möchte." Dir stellt lech elo als jonke Priister an den Déngscht vun der Kierch, déi zu Lëtzebuerg ass. Wéi interpretéiert Dir dës Wieder vum Poopst?*

Och zu Lëtzebuerg mécht sech den Atheismus ëmmer méi breet. Mir liewen an enger Gesellschaft, an där de Glawe verdrängt gëtt. Da stellt ee sech als jonke Mënsch natierlech och Froen. Do kéint ee sech aschüchtere loossen. De Poopst wëll soen: Passt op! Äre Wee gëtt keen „Zuckerschlekken". Do muss ee fest a sengem Glawe stoen, wann ee wëll de Glawe verkënnegen. De Poopst wëll Courage maachen.

***Duerf/Actioun:*** *Wéi gesitt Dir Äre Ministère als Priister an däser Zäit?*

Ech wëll ee sinn, dee mol d'éischt de Leit nolauschtert. Ech wëll een oppent Ouer hunn fir hir vill Froen. Selbstverständlech wëll ech dann och kucken, wéi ech hinne kann hëllefen. Ech wëll och e „Wegweiser" sinn, e Kompass am Glawen hunn a fir d'Menschen do sinn. De Kardinol Kasper huet et esou formuléiert: „Mat der Por, an der Por a fir d'Por liewen." Dat klengt vläicht romantesch, mä et heescht am Konkreten fir d'Leit do sinn. Ech wëll och selwer Zeie sinn, fir dass d'Mënschen och erkenne kënnen, wat mir am Evangelium verkënnegen.

***Duerf/Actioun:*** *Wat si fir lech déi wichtegst Erausfuerderungen vun eiser Lëtzebuerger Kierch?*

Ech denken, dass mer solle fir d'Mënschen do sinn. Dat ass déi schwieregst Aufgab, mä och déi gréisst Erausfuerderung. Mir solle léieren hinnen nozelauschteren. D'Leit sinn ëmmer méi am Stress a si hu keng Rou méi. D'Kierch soll selwer net an den Aktionismus verfalen, mä éischter e „Ruhepol" sinn. Wéi solle mir d'Evangelium verkënnegen, d'Sakramenter spenden, d'Liturgie feieren, wa mir selwer am Stress sinn? Den neie Bëschof wëll jo och grad d'Meditatioun an d'Gebiet stäerken.

***Duerf/Actioun:*** *Wou gesitt Dir Chancen fir dat kierchlecht Liewe bei äis?*

Mir sinn e klengt Bistum. Dat huet de Virdeel, dass d'Distanze kuerz sinn a mir kënnen d'Leit séier zesumme bréngen. Vun der Geographie a vun der Organisatioun ass d'Schaffen relativ liicht. Mee och eis verschidde Sproochen, déi mer schwätze kënnen. Mir kënnen och vun den ënnerschiddleche Spiritualitéiten aus dem franséischen oder däitsche Sproochraum profitéieren. Ech denken awer och un eis Multikulturalitéit. Mir hu vill Auslänner, déi bréngen hir Identitéit mat an d'Spill. Dat ass och fir d'Kierch eng Chance. Mir kënne vun hinnen nei Iddie kréien. Mir kënne vill léieren.

***Duerf/Actioun:*** *Wat ass Är gréissten Erwaardung un de neien Äerzbëschof?*

Dass hien de perséinleche Kontakt zu de Mataarbechter gutt fleegt, dass hien eng staark Präsenz an de Paren weist.



Zesumme mat 1 Millioun Jonker aus aller Welt hunn déi jonk Leit aus Lëtzebuerg hire Glawe verdéift a gefeiert


## Impressum

**Herausgabe:**
*ACML*
*5, avenue Marie-Thérèse*
*L-2132 LUXEMBOURG*

**Verantwortung:**
**Aktioun:**
*Jean-Paul Schneider* 44743-251
*Fernand Huberty* 44743-251
**Duerf:**
*Leo Wagener* 44 743-562
*Franz Glodt* 44 743-252

**Druck:**
*Saint-Paul Luxembourg*

**Erscheinungsdatum:**
*zehn mal jährlich*